HELPERKNAPP
Eng Gemeng mat Aussiicht

Commission de la circulation du 27.04.2023

Ufank 20h00

1. **SIGNATURE DE LA LISTE DE PRÉSENCE**

9/13 membres présents : Patrick EVERARD, José FERNANDES, Gilles KLEIN, Patrick KRAEMER, Marc BUCHLER, Serge VAN KAUFENBERGH, Rick EDERT, Manou PETRY, Ben BAUS,

3/13 membres excusés: BISENIUS Jean-Claude, Jean-Jacques BUTTEL, Patrick CINCIS,

1/13 membres non excusé: Marc HOFFMANN,

Président de la séance: José FERNANDES **Sekretär :** Patrick EVERARD

2. **VALIDATIOUN VUM RAPPORT VUN DER LESCHTER VERSAMMLUNG**

Den Rapport vun der Versammlung vum 09.02.2023 gëtt eestëmmeg ugeholl.

3. **BROUCH: KRÄIZUNG N8 – RUE DU VILLAGE**

Op der Kräizung vun der rue du Village an der N8 gouf d'Rout Luucht an Richtung Mersch verréckelt an virun d'Haus N°62 route d'Arlon gesat fir dass d'Bussen, déi aus der rue du Village rausfueren, besser d'Kéier kréien. Doduerch ass awer een neien geforen Punkt entstanen. Déi Autoen, déi d'Parkplazen virum Haus 62 verloossen, gesinn net op d'Luucht an an riskéieren mat den Gefierer, déi bei gréng aus der rue du Village fueren ze kollidéieren.

4. **VERKÉIERSKOMMISSIOUN WÄREND DER LÄSCHTER LEGISLATURPERIOD. WAT GOUF GEMEET? WAT STEET NACH?**

D'Kommissioun stellt fest, dass eng réi Recommandatiounen an Projet'en vun der Gemeng ëmgesat goufen, an soen sech och ganz zefridden mat der Reaktivitéit vum Service Technique.

Eenzel Dossier'en sinn awer leider ouni Suivi bliwwen, well do ënnert anerem och Decisiounen vun Säiten vun der Ponts et Chaussée, respektiv aneren Gemengen, mussen geholl gi.

D'Kommissioun hätt sech awer nach méi eng intensiv Coopératioun mat den Gemengevertrieder gewënscht.

D'Memberen vun der Kommissioun zéien een positiven Bilan vun hirer Aarbecht an deenen leschten Joren. Et war eng motivéiert Equipe.

5. VERSCHIDDENES

- Den Accès vun der N12 an d'rue des Champs muss iwwerschafft gi. Een rout mat wäissen Zebrasträifen fir d'30er Zone ze markéieren ass schonn an der rue du Village gezeechent, awer just eesäiteg mat engem Trottoir verbonnen. Een zweeten Trottoir misst gebaut gi oder alternativ eng Foussgängermarkéierung op den Wee gemoolt gi.



- Eng Demande vun verschiddenen Awunner vun Tuntange gouf der Kommissioun virgeluecht, fir d'Strooss „rue Ueleschter" als 30er Zone ze markéieren oder een „allgemeines Fahrverbot" virzegesinn.

- Bei der Kräizung „Am Ourbécher" an der N8 parken reegelméisseg Autoen déi d'Siicht behënneren an soumat een geforen Punkt duerstellen. D'Kommissioun proposéiert dës Platz esou ze amenagéieren, mat groussen Steng oder Blummebacken, fir dass keen méi do kann parken.

Déi nächst Versammlung ass op den 08. Juni 2023 fixéiert.

FIN 22h00